Wohlfart), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamten Text vum Projet de loi 4139 am Second vote constitutionnel.

Second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 39 Jo- a 17 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Nicolas Strotz), Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marco Schank), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par Mme Lydia Mutsch), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Wohlfart), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jean-Pierre Klein), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké) et Georges Wohlfart;

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Domat ass dëse Punkt ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Proposition de loi 4737 portant création d'un établissement public nommé Centre de créations et d'événements musicaux Janis Joplin.

Et hu sech fir d'Diskussioun schonn ageschriwwen: déi Häre Sunnen, Fayot a Greisen.

D'Wuert huet den Auteur vun der Proposition de loi, den Här Robert Garcia.

6. Proposition de loi 4737 de M. Robert Garcia portant création d'un établissement public nommé „Centre de créations et d'événements musicaux Janis Joplin"

Présentation

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG), auteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn en zimlechen Optimist, dass ech fir d'drëtte Kéier hei an d'Bütt klammen, fir zu deemselwechte Sujet eng Proposition de loi ze déposéieren. Ech sinn e Wiederholungstäter en matière vu Rockmusik. Déi Problematik huet sech säit dem 5. Dezember 1995, wou ech fir d'éischte Kéier eng Proposition de loi iwwer eng Fondation Janis Joplin déposéiert hat, leider net wesentlech geännert.

Ech sinn allerdings keen esou en naiven Optimist wéi de fréiere Jugendminister Alex Bodry, deen an der Debatt iwwert d'Constructioun vun der sougenannter Rockhal de 5. Mee 1999 hei als Schlusswuert optimistesch gesot huet: „Ech stellen och fest, dass Eestëmmegkeet op sämtleche Bänke besteet. Et ass grad dat Signal, wat mer brauchen. Ech sinn also sécher, dass mat dësem Appui an der Chamber keng Regierung, egal wéi se zesummegesat ass, ignoréiere kann, wat dee kloere politeschen Optrag fir déi nächst Period ass. Mat där Eestëmmegkeet hei kann ee sécher sinn, dass dee Projet och realiséiert gëtt." Dat ass elo bal virun zwee Joer gewiescht, a mir hu virdrun héieren, dass d'Realisatioun vun deem Projet och nach net fir haut a fir muer ass.

Mir hate schonn deemools, 1995, eng Analys gemaach a gesot, et wier vläicht besser, sech fir d'éischt iwwert de Contenu eens ze ginn, ze diskutéiere mat de Forces vives concernées a mat deenen, déi do sollen herno évoluéieren, ier ee grousspuereg architektonesch Pläng virleet.

Mir haten dat 1995 gemaach, well mer déi éischt Proposition de loi ulässlech vum Vote vum Pei-Musée déposéiert haten. Mir hunn dat och nach de 5. Mee 1999 gesot. Mir hunn et och nach am Februar 1999 gesot, wéi mir eng zweet Proposition de loi iwwert de ganze Site Belval hei proposéiert hunn.

An der Zwëschenzäit huet d'Regierung och déi Prozedere unerkannt, well si huet acceptéiert, dass ee soll de Projet de loi iwwer eng kulturell Infrastruktur parallell mat deem Projet de loi iwwert de Contenu vun där Infrastruktur déposéieren.

Mir hätten et awer ëmmer méi effizient fonnt, wann ee fir d'éischt eng Struktur geschafen hätt, déi kéint e bëssen eng Préfiguratioun vun deem Etablissement pubic maachen. Dat ass zum Beispill geschitt bei der

Verstaatlechung vum privaten RTL-Orchester. Do ass fir d'éischt eng A.s.b.l. gegrënnt ginn. Déi A.s.b.l. huet quasi déi Fondatioun, déi herno den Orchester géréiert, préfiguréiert, an dunn ass hei duerch e Gesetz, dat zu sellechen Tumulte gefouert huet, well de Statsrot éischter fir en Etablissement public war, déi A.s.b.l. zum Etablissement public iwwerfouert ginn. Datselwecht hu mer elo anscheinend beim Théâtre national, wou och eng A.s.b.l. an en Etablissement public iwwerfouert gëtt. Mir hunn natierlech och negativ Beispiller, awer net am kulturelle Beräich, mä éischter am Beräich Hospitalier, wou d'Préfiguratiouns-A.s.b.l. net grad esou erfollegräich war.

Mir waren der Meenung, dass et vläicht déi lescht puer Joer och scho gënschteg gewiescht wier, dass ee fir de Bau vun där Concertshal fir Rockmusik fir d'éischt Strukture geschafen hätt mat Leit, déi effektiv hannert deem Projet stoungen a stinn, déi och eng aktiv Lobby gespillt hätten, well ech denken, wann een eng Lobby gehat hätt fir dee Concertssall fir d'Rockmusik, déi esou aktiv an esou staark gewiescht wär wéi déi fir d'klassesch Concertshal, dann hätt een effektiv der Mme Mutsch hirem fromme Wonsch kënnen nogoen an déi zwou Hale mateneen an Ugrëff huelen. Dat ass awer leider net geschitt, an dofir hunn ech mech geopfert an der Année du bénévolat, fir de Weekend iwwer eng nei Proposition de loi ze schreiwen, déi sech natierlech ganz enk un déi Proposition de loi iwwert d'Fondation Janis Joplin ulehnt.

Ech wëll nach kuerz soen, well verschidde sech kompetent wähnend Leit kritiséiert hunn, dass ech den Numm vum Janis Joplin gewielt hunn: Ech hu wëllen eng markant Figur aus der Rockgeschicht mat deem Numm zelebréieren. Et kann ee liewend Persounen eigentlech nëmmen huelen, wann et ëm e Grand-Duc oder eng Grande-Duchesse geet, mä normalerweis hëlt ee bei anere Fondatioune Leit, déi scho gestuerwe sinn. Leider - oder éischter e Gléck - sinn an der Lëtzebuerger Rockzeen nach weider keng markant Figure verstuerwen, dass ee se misst als Etablissement public honoréieren.

Ech wollt och en Numm vun enger Fra huelen. Do hunn ech selbstverständlech den Numm vun där Rockmusikerin geholl, déi eigentlech d'Figure de proue war vun der weiblecher Rockmusik. Si war effektiv net nëmme qualitativ ganz héichwäerteg, si steet awer och fir eng gewësse verluere Wilderness vun där Rockmusik. Si ass nämlech an d'Annale vun den Drogendoudegen agaangen. Hir Jugendsënne ware méi definitiv wéi déi vun anere Leit. Am leschte Joer war der Janis Joplin hiren 30. Doudesdag zelebréiert ginn. Et sinn nei Biographien erauskomm. Net méi spéit wéi déi lescht Nummer vun der franséischer Fachzeitung „Rock et Folk", déi dem weibleche Rock gewidmet ass, ass si och vir drop, als éischt Rockmusikerin vu Weltformat. Dat fir den Numm.

Zum Etablissement public selwer. Wéi gesot, déi éischt Proposition de loi war eng Fondatioun. Déi hat ech deemools gewielt, well ech gemengt hunn, eng Fondatioun kéint méi flexibel ëmgoe mat deene privaten Träger, déi an där Rockhal géife Concerten organiséieren, well et ass jo haaptsächlech net de Stat, deen appeléiert ass, fir Rockconcerten ze organiséieren, och wann et esou ass, dass 93 % vum Kulturbudget an dësem Land a staatlech Evénementer an a Betriber fléissen, mä et jo awer erwënscht ass, dass an där Rockhal op der Friche Belval haaptsächlech privat an associativ Initiative sollen déi Concerten organiséieren. Allerdings ass et esou - an dat fannen ech och ganz positiv -, dass a leschter Zäit d'Regierung och eng nett Preferenz fir Etablissements publics huet, an net méi spéit wéi virun e puer Méint ass och fir de Centre de rencontre Neimünster esou eng Struktur geschafe ginn. Ech hu mech largement an deem techneschen Deel vun dëser Proposition de loi un deene vum fachkompetente Personal aus dem Kulturministère erschafften technesche Kritären orientéiert.

De Conseil d'administration vun deem Etablissement public muss natierlech nom Gesetz iwwert d'Etablissements publics aus Fonctionnairë vu verschiddene Ministërë bestoen. Mir hunn awer och virgesinn, dass an deem Conseil d'administration véier aner Memberen aus der Société civile an aus deene kompetente Fachkreesser vertruede sinn, an natierlech och eng Representantin oder e Representant vun deem Syndicat intercommunal du Sud, dee jo soll geschafe ginn, fir am Kontext vun der Revitaliséierung vun den Industriebroochen am Süden déi ganz Aktiounen ze koordinéieren, a selbstverständlech och eng Representantin oder e Representant vun der Stad Esch, op där hirem Terrain jo hoffentlech nach ëmmer déi Rockhal soll gebaut ginn.

Déi Proposition de loi huet u sech och näischt ze di mat där Diskussioun, déi mir virdrun haten, wou se dann hikéim, an déi Hal, déi virgesinn ass, oder ob niewendrun eng gebaut gëtt. Ech fannen dat zwar eng ganz interessant Problematik, mä ech géif meng Entrüstung och hei kundtun, wann et op eemol géif heeschen, dass net méi géif an déi Gebléishal gebaut ginn, well ech ka mech nach un déi pathetesch Riede vum 5. Mee 1999 erënneren, wou vun alle Bänke gesot ginn ass, wéi schéin dass dat wär, dass al Gebaier géifen esou engem edlen, interessanten a jugendlechen Zweck zougefügt ginn, an ech géif et en zimleche Réckschrëtt an och en Affront fir d'Aarbecht vun der Chamber fannen, wann dat net méi de Fall wär.

Wéi gesot, déi Proposition de loi ass onofhängeg vum Site, an de Fonctionnement selwer kéint net nëmmen op der Brooch Belval sinn; déi ass wierklech an där Diskussioun neutral. Ech fannen et just wichteg, dass mer net esou a leschter Minutt wéi bei der Concertshal um Kierchbierg nach séier e Fonctionne-

mentsprojet fir eng Kulturinstitutioun bäipraffen, mä dass de Fonctionnement an den Inhalt vun esou engem Kulturinstitut dat éischt ass, wat Formen unhëlt, an da kann een do ronderëm en architektonesche Projet bauen.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Fred Sunnen.

Discussion

M. Fred Sunnen *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der Lecture vum Exposé des motifs hat ech d'Gefill, dass et eng vun den Haaptiddie vum Här Garcia wär, den Débat iwwer eng Rockhal fir déi Jonk nei ze relancéieren.

Den Auteur schreift, dass d'Regierung e Moratoire fir d'Constructioun vun dëser Rockhal décidéiert hätt. An hirer Ried vum 7. Dezember 2000, déi am Kader vun der Debatt iwwert d'Salle des concerts um Kierchbierg gehale gouf, huet eis Bauteministesch nach eng Kéier op d'Wichtegkeet vun der Rockhal higewisen a sech kloer zum Bau vun enger Infrastruktur bekannt.

D'Mme Hennicot-Schoepges huet genau erkläert, firwat dass de Bau vun der Rockhal am Süde vun eisem Land nach net ugefaangen huet. Dëse Projet ass aus dem Ministère de la Jeunesse komm, an et bestinn nach verschidde baulesch Problemer, déi et ze léise gëtt. D'Ministesch hat och d'Gefill, dass déi 273 Millioune Frang, déi am Gesetz virgesi sinn, eventuell net duerginn. Well den Detail iwwert de finanziellen Impakt nach net virläit, konnt si logescherweis nach keng genau Chiffere soen. Si huet awer versprach, dass si an allernächster Zäit den Dossier nach eng Kéier an de Regierungsrot brénge wëllt, fir iwwert Detailfroen ze diskutéieren.

Dono kënnt d'Ministesch an déi concernéiert Kommissiounen, an d'Chamber gëtt gefrot, ob en aktualiséierten Devis sollt gemaach oder awer en neie Gesetzprojet virgeluegt ginn.

No dësen Explicatioune mengen ech, dass dat Wuert Moratoire, wat den Här Garcia gebraucht huet, net richteg ass. Den Dossier bleift iwwerhaapt net am Tirang vun der Regierung leien, mä et gëtt weider geplangt, an ech sinn dervun iwwerzeegt, dass d'Rockhal gebaut gëtt.

Här President, wat elo d'Proposition de loi vun engem Etablissement public Janis Joplin ugeet, esou wëll ech folgend Bemierkung maachen.

Menger Meenung no ass dës Propositioun einfach verfréit. Et geet hei ëm eng Loi de fonctionnement. Domat muss een allerdings waarden, bis dass d'Baukonzept vun der Rockhal definitiv ausgeschafft ass. D'Gesetz vum 2. Juni 1999 huet de Site Belval-Ouest zu Esch-Uelzecht an den Industriebroochen als Emplacement virgesinn. Ech hoffen, dass d'Rockhal am Endeffekt och op dës Plaz kënnt. Dës nei kulturell Infrastrukture mussen awer och Synergië mat aneren Aktivitéiten op deem Site erméiglechen. Dat wär am Sënn vun engem équilibréierten Aménagement du territoire an enger sënnvoller Notzung vun de Friches industrielles.

D'Implantatioun vun der Rockhal an den Industriebroochen géif net zulescht zu enger Dezentralisatioun vun de kulturellen Infrastrukturen an Aktivitéiten an eisem Land bäidroen. D'Kulturliewe soll sech net exklusiv an der Stad Lëtzebuerg konzentréieren. Ech mengen, dass déi aner Regiounen am Land net vergiess däerfe ginn. Wann ee vun Dezentralisatioun schwätzt, muss een awer och déi concernéiert Gemengen an dat Konzept mat abannen an och consultéieren.

Wéi d'Bauteministesch an hirer Ried an der Chamber scho gesot huet, ass d'Bebauungskonzept vun der Rockhal nach net ganz fäerdeg. D'CSV steet hannert dem Projet Rockhal a mécht alles, dass se esou schnell wéi méiglech realiséiert soll ginn. Zu der Realisatioun gehéiert dann awer och eng Loi de fonctionnement. Ech widderhuelen, dass esou e Gesetz awer wéineg Sënn mécht, ouni genau ze wëssen, wéi de Bauprojet schlussendlech ausgesäit.

An enger subsidiarescher Optik a pour les besoins de la cause wëll ech folgend Kommentaren zum Fong vun der Gesetzespropositioun maachen.

Ënner wat fir enger institutioneller Form soll d'Rockhal géréiert ginn? Hei steet eis eng ganz Panoplie vu Méiglechkeeten op.

Déi éischt Méiglechkeet wär, d'Gestioun ganz an déi öffentlech Hand ze ginn, zum Beispill duerch d'Schafe vun engem neie Service public, deen un de Ministère rattachéiert géif ginn.

Déi zweet Méiglechkeet wär eng ganz privat Gestioun am Kader vun enger Sociétéit, enger Association sans but lucratif oder enger Fondatioun.

De Mëttelwee wär d'Créatioun vun engem Etablissement public duerch e Gesetz. Mat dëser Solutioun, déi mir scho vun anere Projete kennen, géif een eng onnéideg Bürokratie vermeiden, ouni awer eng gewësse Garantie fir den Intérêt général opzeginn.

Wat mir bei all deem primordial erschéngt, ass den Dialog mat alle Milieuen, déi direkt un der Rockhal interesséiert sinn. Heimat mengen ech haaptsächlech d'Musiker an d'Organisateure vu Concerten. Dësen Organisateure muss een attraktiv Konditiounen offréieren, soss gi se an d'Ausland an eis Rockhal steet déi meeschten Zäit eidel. Et muss ee si also an de Projet Rockhal abannen, an dat vun Ufank un.

Ofschléissend wëll ech nach eng Bemierkung zum Numm vun der Rockhal maachen. Den Här Garcia huet den Numm Janis Joplin proposéiert. Deene meeschte vun eis wäert dës Künstlerin sécher e Begrëff

sinn, anere wuel manner. Ech hu meng Zweifel, ob Janis Joplin awer en Numm ass, deen d'Generatioune verbënnt a virun allem och deene Jonke vun haut nach e Begrëff ass.

Menger Meenung no wär et wichteg, en Numm ze fanne vun enger Musikerin oder engem Musiker, deen engem méi allgemenge Bekanntheetsgrad entsprécht, a fir wat eigentlech net e Lëtzebuerger Artist als Namensgeber huelen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot ageschriwwen.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, ech wollt fir d'éischt emol den Här Garcia félicitéiere fir seng intensiv Aktivitéit als Auteur vun enger Partie Propositions de loi. Ech mengen, dass dëst Recht vun der parlamentarescher Initiativ e wichtegt Recht ass an och e Parlament éiert. Ech bedaueren allerdéngs am Zesummenhank mat deene Propositions de loi, déi jo da meeschtens vun der Oppositioun virgestallt ginn, dass déi Initiative parlementaire net ëmmer esou seriö geholl gëtt, wéi ee sech dat kéint wënschen.

Wann ech zum Beispill d'Avie vum Conseil d'Etat zu de Propositions de loi kucken, dee sech jo vill Méi gëtt mat deene Gesetzesvirschléi, da feelt geméinlech eng Positioun vun der Regierung doranner. De Conseil d'Etat constatéiert dat, an ech bedaueren dat, well pour le moins kéint d'Regierung eng Positioun dozou huelen. Si ka jo Awänn virbréngen, an an deem Dialog kann och munches entstoen. Dofir bedaueren ech, dass hei an eisem Parlament dat elementaart demokratescht Recht vun all Deputéierten net esou seriö geholl gëtt vun der Regierung, wéi ee sech dat kéint wënschen.

Wat dee virleienden Text vum Här Garcia ugeet, sou fannen ech et eng interessant Iddi, fir esou eng Entreprise wéi déi vun enger Rockhal éischter mat enger mënschlecher Struktur unzefänken, wéi sech op e Bau festzeleeën. Ech verstinn natierlech, wat fir e symbolesche Wäert et an deene vergaangene Joren a Méint hat, fir déi Rockhal op engem fréieren Industriesite ze implantéieren an och eng politesch Décisioun dozou ze huelen. Ech fannen, dass dat fir de Süde vum Land, fir d'Stad Esch an och de Kanton Esch, enorm wichteg ass an och war, dass esou Zeeche gesat ginn.

Mä wann ech eng Parallel zéien tëscht dem Concertssall fir klassesch Musek an der Rockhal fir manner klassesch Musek, da gesäit een, dass et beim Concertssall eng staark Lobby zu Lëtzebuerg gëtt vun Associatiounen, vu Concertsorganisateuren, déi dee politesche Prozess do accéléréiert hunn an doduerch dann och zu hirem Zil komm sinn, d'autant plus wou d'Mme Kulturministerin jo e ganz staarke Penchant fir klassesch Musek huet. Dat weist, dass eben eng kulturell Lobby kann esou eppes erbäiféieren, an ech géif soen, dass dofir déi Approche vum Här Garcia, mat dësem Etablissement public, wéi ëmmer en och wäert nennen - et ass jo net esou wesentlech, ob en e wëllt Janis Joplin nennen, Alex Mullenbach oder wéi och ëmmer -, kéint interessant sinn, fir dee Prozess do weiderzedreiwen.

Nach eng Remarque, Här President, iwwert den Numm Rockhal, dee mech, muss ech éierlech soen, ëmmer e bësse gestéiert huet, well ech fannen, dass esou eng Concertshal, déi vläicht manner konformistesch oder manner akademesch ass, mä méi e Raum ass, deen eng gewëssen Exotik u sech huet, net nëmme fir Rock soll sinn, well Rock ass jo haut net nëmmen eppes fir ganz jonk Leit, 16-17-Jäereger. Et ass jo och eppes, wat fir eeler Leit nach acceptabel ass. An esou engem Sall kënnen och Jazzconcerte stattfannen. Et gëtt haut an der zäitgenössescher Musik Recherchen, déi déi verschidde Gebidder vun der Musik zesummebréngen.

Ech gesinn also déi Räichwäit, déi an där sougenannter Rockhal vu Musik kéint stattfannen, ganz grouss, an ech géif och soen, dass en Etablissement public, wann een dat fäerdeg géif bréngen, och vläicht méi präzis kéint definéieren, wat an esou enger Rockhal kéint stattfannen, wéi dat elo an enger Bauteverwaltung kéint geschéien.

Dat sinn eng Partie Iwwerleeungen, Här President, déi een zu dëser Proposition de loi kann ufëieren. Ech fannen, dass et interessant ass, besonnesch am Exposé des motifs, déi Argumentatioun vum Här Garcia nozevollzéien. Dofir géif ech och soen, dass eis Fraktioun dës Propositioun begréisst, souguer wa mer net an all Detail mat deem d'accord sinn, wat den Här Garcia eventuell seet, mä wichteg ass, dass ee fir déi Musik fir jonk Leit an och fir manner jonk Leit muss eng Lobby zu Lëtzebuerg schafen, an dat kéint een eventuell iwwer esou en Etablissement public maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Greisen ageschriwwen.

M. Fernand Greisen *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi am Mee 1999 de Projet fir de Bau vun enger Hal zu Esch um Site ARBED-Belval an der Chamber diskutéiert ginn ass, huet den ADR säin Accord ginn zu dësem Projet, trotz en etleche Bedenken.

Fir den ADR war an ass et och nach kloer, dass et richteg ass, esou eng Infrastruktur mat spezifeschem techneschen Equipement ze bauen. Et ass noutwendeg, déi kulturell Aktivitéiten an der Musiksszen méi breet ze maachen, fir all Musiksinteressen ze erméiglechen.

Beim Vote zum Bau vun der Rockhal huet mäi Kolleeg, den Här Gast Gibéryen, dem ADR seng Bedenke vis-à-vis vum Projet hei am Detail erkläert: Tatsaach ass,

dass éischtens de Stat nach net Propriétaire vum Terrain war, dass zweetens de ganze Käschtepunkt mat den Alentouren asw. nach net bekannt war an drëttens keng Informatioun vun der Regierung koum, wéi d'Concertshal sollt géréiert ginn, wien dat sollt maachen a wat alles sollt dran opgefouert ginn.

All dës Tatsaache beweisen, dass d'Regierung zu deem Zäitpunkt nach kee Konzept hat, wat se wéilt maachen, an och haut nach net, mä einfach aus elektorale Grënn emol wollt eppes bauen.

D'Propositioun vun haut huet de Verdéngscht, grad zum leschten Thema Konzept/Inhalt en Ustouss ze ginn, a mir begréissen dofir dës Initiativ.

D'Thema Numm vun dësem Zentrum wëll ech mer hei erspueren. Wichteg ass, dass d'Gestioun no wirtschaftleche Kritären organiséiert gëtt, a wichteg schéngt eis och ze sinn, dass d'Jugend verstäerkt an d'Responsabilitéit mat abezu gëtt.

Awer bei all deene genannte Kritiken a Problemer, déi hei schonn ugefouert gi sinn, an no der Matdeelung vun der zoustänneger Ministerin, dass e Groupe de concertation agesat ginn ass, fir all dës Problemer ze studéieren, musse mer bedaueren, dass et nach laang wäert daueren, bis eis Jugend eng uerdentlech Rockhal wäert kréien, an dat ass schued.

De politeschen Hickhack hei an der Chamber an dobaussen, d'Tatsaach, dass eng Majoritéit eppes plangt an déi nächst eppes anescht mécht, léisst bei de Leit e Bild opkomme vun engem Pingpongs-Match, e Pingpong tëschent der Buergermeeschtesch vun Esch vun der LSAP an der Ministesch vun der CSV, wou d'DP och nach mam Dësch hin an hier rennt, fir d'Saach méi deier ze maachen.

A wann en eminente Vertrieder vun der CSV haut hei an engem Zwëscheruff gesot huet, elo ginn emol Neel mat Käpp gemaach, da beweist dat, dass seng Partei a seng Regierung bis elo dat net geschafft hunn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, ech wollt dem Här Greisen soen, dass d'DP net brauch mat engem Dësch hin an hier ze rennen, scho guer net bei deem dote Projet. Ech hu festgestallt, dass d'Virriedner alleguer erëm de ganze Froekomplex vun der Rockhal hei opgewiermt hunn am Kader vun dëser Proposition de loi. D'Demokratesch Partei huet zu dësem Punkt schonn an der Vergaangenheet e puermol Stellung geholl. D'Ministesch huet hei op Froe geäntwert, esou dass vun eis aus kee weideren neie Beitrag zu dësem Sujet brauch bruecht ze ginn.

(Interruptions diverses)

Den Här Schummer huet se jo gemaach!

M. le Président.- Et ass kee Vertrieder vun der Regierung hei, fir d'Wuert ze huelen. Domat ass dëse Punkt ofgeschloss.

Mir kommen zur Proposition de loi 4744 portant création d'une commission d'étude sur les spoliations des Juifs du Grand-Duché de Luxembourg durant l'occupation nazie. Den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Fayot, huet d'Wuert.

7. Proposition de loi 4744 de M. Ben Fayot portant création d'une commission d'étude sur les spoliations des Juifs du Grand-Duché de Luxembourg durant l'occupation nazie

Présentation

M. Ben Fayot *(LSAP), auteur.-* Här President, ech hunn dës Proposition de loi abruecht, fir dass mer zu Lëtzebuerg déi Réflexioun och weiderdreiwen, déi et a ville Länner ronderëm eis a besonnesch an deene leschte Jore ginn ass, nämlech déi Erënnerungsaarbecht (travail de mémoire) iwwert d'Shoah, dat heescht iwwert d'Exterminatioun vun de Judden, mä och iwwer all déi Persécutioune vum Naziregim während dem leschte Krich hei zu Lëtzebuerg.

Wann een haut an Däitschland, besonnesch a verschiddenen Deeler an Ostdäitschland, kuckt, wéi eng Naziideologie op der Strooss sech erëm breetmécht a wéi et an deem Land sougenannt „nationalbefreit" Zone gëtt, wéi also den Nationalsozialismus, den Nationalismus an och d'Friemefeindlechkeet a verschiddenen Deeler vun Däitschland, mä och an anere Länner sech breetmaachen, da muss ee soen, dass dësen „travail de mémoire" méi wéi jee wichteg ass an een esouguer 55 Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich ëmmer erëm muss dorobber zréckkommen.

Och zu Lëtzebuerg, mengen ech, muss een deen „travail de mémoire" weiderféieren, wéi an alle Länner vun Europa, wou déi Naziherrschaft war. Déi eeler Generatioune kënne sech un dat erënneren, déi jénger Generatiounen net, an deen „travail de mémoire" ass besonnesch als Warnung fir déi jénger Generatiounen noutwendeg.

An dëser Proposition de loi ginn ech spezifesch op d'Spoliatioune vun de Judde vu Lëtzebuerg während der Nazioccupatioun zu Lëtzebuerg an.

Et kann ee sech d'Fro stellen: Firwat zu dësem Zäitpunkt esou eng Propositioun, fir eng Commission d'étude ze maachen? Ech soe wuelverstanen eng Commission d'étude, well jo hei eppes soll studéiert ginn, eppes erausfonnt ginn, ob vis-à-vis vun der jiddescher Gemeinschaft zu Lëtzebuerg d'Indemnisatioun, d'Reparatioun vun deene Spoliatiounen an deem